

Sommaire

1.

Dépôt d'une proposition de loi

-

M. Alexandre Krieps
2.

5996 - Projet de loi portant modification de la loi du 22 décembre 2006 sur la construction d'autoroutes de l'information

-

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications: M. Lucien Thiel

-

Discussion générale: M. Eugène Berger, M. Roland Schreiner, M. Félix Braz, M. Jean-Louis Schiltz, Ministre des Communications

-

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
3.

5986 - Projet de loi relative à l'accès des autorités judiciaires, de la Police et de l'Inspection générale de la Police à certains traitements de données à caractère personnel mis en œuvre par des personnes morales de droit public et portant modification:

-

du Code d'instruction criminelle, et

-

de la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police

-

Rapport de la Commission juridique: M. Gilles Roth

-

Discussion générale: Mme Colette Flesch (dépôt d'une motion), M. Alex Bodry, M. Félix Braz, M. Jacques-Yves Henckes, M. Luc Frieden, Ministre de la Justice

-

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

-

Vote sur la motion 1 (adoptée)
4.

5880 - Projet de loi relative au financement d'une solution informatique permettant la création d'un environnement sans support papier pour la douane et le commerce

-

Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Norbert Hauptert

-

Discussion générale: M. Claude Meisch

-

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
5.

5901 - Projet de loi portant renforcement des structures de direction de l'Administration des douanes et accises

-

Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Norbert Hauptert

-

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
6.

5767 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Émirats Arabes Unis tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et de son Protocole, signés à Dubai, le 20 novembre 2005

et

5799 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République d'Azerbaïdjan tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Bakou, le 16 juin 2006

-

Rapports de la Commission des Finances et du Budget: M. Lucien Thiel (5767), M. Laurent Mosar (5799)

-

Discussion générale: M. Ben Fayot, M. Jacques-Yves Henckes, M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget

-

Votes sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden et Jean-Louis Schiltz, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.29 heures)

» M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eis iergendwellech wichteg Matdeelungen ze maachen?

» Une voix.- Neen, Här President.

» M. le Président.- Gutt, dann, Dir Dammen an Dir Hären, komme mer direkt...

» M. Alexandre Krieps (DP).- Här President!

» M. le Président.- Pardon!

» M. Alexandre Krieps (DP).- Ech géif gären eng Proposition de loi déposéieren.

» M. le Président.- Da kritt Dir d'Wuert, fir dat ze maachen, Här Krieps.



1. Dépôt d'une proposition de loi

» M. Alexandre Krieps (DP).- Merci, Här President. Ech ginn effektiv elo gewuer, dass et relativ spéit an der Legislatur ass,...

(Hilarité)

...mä dat hei huet mat dem préélektoralen Aktivismus guer näischt ze doen.

» Plusieurs voix.- Ouh? Oh!

(Interruption)

» M. Alexandre Krieps (DP).- Ech wollt just eng steierlech Gerechtegkeet erëm hierstelle loossen, an zwar déi vu bestuete Koppelen, déi keng Kanner hunn an déi hir Successiounssteiere bezuele mussen, par contre déi, déi Steieren hunn, keng Steiere bezuelen, Taxen...

» Une voix.- Kanner!

» M. Alexandre Krieps (DP).- ...déi Kanner hunn. An dat fir e puer Ursachen. Mir hunn zwar Fräibeträg vun 38.000 Euro, mä et ass awer net gerecht an enger Zäit hautdësdags, wou am éischte Mariage scho méi wéi e Fënneftel vun de Leit keng Kanner méi hunn aus biologeschen Ursachen oder aus Choix, awer ëmmer méi Leit bestuet ginn an zweeter Noce oder drëttem Bestietnis, an déi trotz de Progrèsë vun der Pharmakologie keng Kanner méi kréien, och am drëtte Bestietnis.

Ech wär frou, wann déi Steiergerechtegkeet géif hiergestallt ginn. An och d'Kannerkréien oder net, ech mengen, d'Gesetzgebung huet jo keng procréativ Incitatione méi - soll se net hunn! Dat emfannen ech als eng onheemlech Ongerechtegkeet, a meng Partei och.

Ech mengen, wann ee wëllt d'Leit incitéieren, Kanner ze maachen, da gëtt et aner Moyenë wéi iwwer Steuerweeër.

(Interruptions)

Zumools wou ons Nopeschlänner - Italien 2001, Frankräich 2007 - déi Législatioune schonn adaptéiert hunn. Ech viséieren hei net Koppele wéi Onassis-Kennedy, mä ech mengen, wa mer ons international wëlle placéieren, solle mer déi Taxatiounen ofschaffen.

Ech ginn dem President meng Proposition. Hei ass se.

6036 - Proposition de loi modifiant l'article 10 de la loi du 13 juin 1984 modifié par l'article 28 de la loi du 9 juillet 2004

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Krieps. Ech leeden déi Proposition do an déi normal parlamentaresch Prozedure weider.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour haut de Mëtteg. Dat ass de Projet de loi iwwert d'Autoroutes de l'information. D'Wuert huet de Rapporteur vun dësem wichtege Projet, den honorabelen Här Lucien Thiel.



2. 5996 - Projet de loi portant modification de la loi du 22 décembre 2006 sur la construction d'autoroutes de l'information

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications

» M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.- Merci, honorabele President. Kolleeinnen a Kolleegen, Här Minister, et gëtt an dëse Krisenzäiten, an deene sech déi rout Minusmilliarden uechtert d'Welt nëmmen esou iwwerschloen, Gott sei Dank och nach positiv Chifferen. Zum Beispill déi zwou Billiounen, also déi 2.000 Milliarden Euro, déi entretemps am Secteur vun der Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologie ëmgesat ginn. E Secteur, deen am Moment, wou iwwerall iwwer negative Wuesstum gejëmert gëtt, ëm 4% all Joer wiisst.

4% Wuesstum! Dat seet eis zu Lëtzebuerg dach iergendeppes. Oder hu mer vläicht scho vergiess, datt mer eigentlech ëm grad déi 4% an der Moyenne mat eiser eegener Wirtschaft wuesse sollten, déi elo leider éischter deen anere Wee geet?

Wien also deem Wuesstumsréckgank entgéintwierke wëllt, deen neierdénks op 6% bei eisem wichtigsten Handelspartner déisäits vun der Musel geschat gëtt an deen och bei eis an déiselwecht Direktioun dierft goen, deen deet gutt dorun, wann hie probéiert, och e bëssen däers ICT, am Kloertext „information and communication technology“, a sengem Wirtschaftsportefeuille ze hunn.

Mir hunn däers Gott sei Dank. Well mir e bësse méi fréi wéi déi aner mat eiser Législatioun an den e-commerce ageklomme sinn - dat sinn ëmmerhi schonn zéng Joer hier - a well mir och nach dank eisem gebremste Steierappetit deen niddregsten TVA-Taux an der Unioin hunn, hu mir e puer vun deenen „big players“ aus deem Beräich op Lëtzebuerg gezunn, a mat hinnen och e

puer 100 Milliounen Steieren a leider och d'Roserei vun eenzelnen Noperen, déi eis elo virrechnen, wat hinnen un TVA verluer geet. Si wëssen allerdénks nach net, datt dat 2015 soll anescht ginn.

Elo ass et awer mam e-commerce-Geschäft genee wéi fréier mat der Eisebunn oder duerno mam Auto: Mat enger Lokomotiv an engem Motorgefier eleng kënnst een net wäit, wann ee keng Schinnen a keng Stroossen huet. Och den elektronischen Datefloss brauch seng Autobunnen, fir vun engem Punkt op deen aneren ze kommen. Ouni déi Verbindungen, sief et elo per Glasfibrakabel oder iwwer Satellit, géif et haut nach keen Online a keen Internet ginn. Dat géif vläicht almoudesch Nostalgiker freeën, awer et géif all déi Milliounen a Milliounen aner Matmënschen an d'Steenzäit vun der Wëssensgesellschaft zrëckwerfen.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Allerdénks hippt mäi Vergläich mam Stroosseverkéier e bëssen. Bei deem dauert et jorelaang, a bei eis vläicht heiansdo nach e bësse méi laang, bis d'Autobunne fäerdeg sinn. Esou vill Zäit hu mer bei de virtuellen Autobunnen, deenen, iwwert déi den Datefloss geet, net. Do wuessen d'Besoinë méi séier, wéi ee kucke kann, well op där enger Säit de Volume vun deem Ugebuet u Wëssen an aneren Informatiounen an engem verrécktenen Tempo wiisst, a well op där anerer Säit d'Qualitéitsuspréch un déi iwwerdroe Biller an Téin ëmmer méi Kilo-, Mega-, Giga- an Terabyte verlaangen.

Wien do net mathale kann, deen ass ganz séier aus dem Geschäft. A grad dat kënnen mir Lëtzebuerger eis net leeschte weinst eiser enormer Ofhängegkeet vun engem eenzelne Wirtschaftssecteur an eisem entsprechend grouse Besoin un ekonomescher Diversifikatioun.

Well eis Regierung dat mat Zäiten erkannt an hirem Kommunikationsminister fräi Hand gelooss huet, sti mir haut net allze schlecht, fir net ze soe relativ gutt do. Fir net missen dem Privat- an dem Paraprivatsektor, zu deem jo eis Post gehéiert, mat hire Businesspläng an hire Rentabilitéitszwäng déi ganz Responsabilitéit fir d'Transmissiounsréseauen ze iwwerloossen, huet d'Regierung selwer eng Gesellschaft gegrënt. Déi heescht Luxconnect a gëtt do agesat, wou et fir déi aner Entreprisë manner interessant ass, déi sech léiwer op déi déck Clientë wéi zum Beispill op d'Banke konzentréieren.

Well déi Responsabel d'Explosioun vun der Demande un Transmissiounscapacitéite gesinn hu kommen, hu si souzesoe prophylaktesch op den Ausbau vun de Réseauen gedréckt an nieft de privaten Datenöuden oder -kniet um Wandhaff, zu Keel an deemnächst och am Drosbach-Center op der Cloche d'Or eng eege Plattform, dës Kéier zu Beetebuerg, agericht, déi dann elo och nach e Bridderchen an der Géigend vu Miersch kréie soll. Dat kascht natierlech Suen, genauso wéi déi verschidde Konnexiounen mat den internationalen Netzer vun den Datenautobunnen, mat deene mir elo iwwer eng hallef Dose Knietpunkte verbonne sinn.

Mä d'Regierung hält net fir näischt dorop, Damp hannert déi Geschicht ze maachen an nach méi séier wéi geplangt de Luxconnect-Réseau, deen elo geschwënn operationell gëtt, weider auszubauen. Duerfir gëtt elo déi Finanzéierungspaus gestrach, déi nom Initialinvest vun 30 Milliounen am Joer 2008 fir de lafenden Exercice virgesi war, an déi Investissementer, déi fir 2010 an duerno geplangt waren, ginn elo virgezunn.

Mat dësem Gesetz gëtt de Stat autoriséiert, schonn an dësem Joer 30 Milliounen an an deenen zwee Joer duerno nach eng Kéier 35 Milliounen Euro an de Luxconnect-Réseau ze stichen. Dat ass net nëmmen néideg, wa mir den Uschloss - hei am dueble Sënn vum Wuert - un d'Informatiounszäitalter net verpassen an déi sëlliche Konsumenten, dat heescht hautdësdags quasi jiddwereen, net am Ree stoe loosse wëllen. Mir géifen och nach déi bluttnoutwendeg Diversifizéierung vun eiser Economie op d'Spill setzen, wa mir net permanent um leschte Stand vun den Dateréseauen wieren.

Elo trëfft et sech dann awer duebel gutt, well déi virgezunnene Infrastrukturaarbechten och nach horgenu an de Konjunkturpak vun der Regierung passen, de jo zu engem gudden Deel aus virgezunnene Bau- an Erneierungsarbechte besteet. Dat



nennt een da wuel zwou Mécke mat engem Schlag fänken.

Logescherweis hätt domat dëst Gesetz och an déi Konjunkturpakserie gepasst, déi mir déi iwwernächst Woch hei als wierdegen a symbolträchtegen Ofschloss vun dëser Legislatur op der Lee hunn. Mä deen zoustänneg Minister war, wéi esou dacks, eng Grëtz ze séier mat sengem Projet, an duerfir ass hien haut schonn un der Rei - souze-soen hors série. Mä gediert, Här Minister, wat gemaach ass, ass gemaach!

» **Une voix.**- Ganz richtig!

» **Une autre voix.**- Très bien!

» **M. Lucien Thiel** (CSV), *rapporteur*.- Här President, duerfir proposéiert dann och Är Kommunikatiouns- a Mediëkommissioun lech, an der Chamber dem Projet Äre Segen ze ginn. Dee vun der CSV-Fraktioun huet en op alle Fall elo schonn.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Thiel. Sinn nach Kolleegen, déi d'Wuert froen? Den Här Berger huet d'Wuert.

**Discussion générale**

» **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëilt och dem Rapporteur Merci soe fir säi kuerzen, awer ausféierleche Bericht. De legislative Prozess war hei bei dem virleien-den Text bal esou séier wéi den Datentransfer op de Breetbandleitungen. En ass déposéiert ginn den 20. Februar 2009, an haut, den 28. Abrëll 2009, gëtt e schonn hei an der Chamber - huelen ech un - gestëmmt. Ech mengen och, haut de Mët-teg kënne mer ganz schnell dee Projet eva-kuéieren. Dat hänkt vläicht domadder ze-summen, datt dat reng formal gesinn nëm-men zéng Article sinn, mä derhannert ver-stoppt sech awer dann e ganz wichtige Projet, e ganz wichtigen Dossier, well hei geet et ëm de Beräich vun de modernen digi-tale Kommunikatiounsmëttel - Stéchuert Internet.

Konkret sollen also hei Suen débloquent ginn, fir eng besser Connectivitéit vu Lëtze-buerg un déi international Breetbandré-seaue kënne ze assuréieren.

Déi Dépensen, déi hei mat deem Text ver-bonne sinn oder mat deenen Aarbechten, sinn awer immens wichtig an eisen Aen, fir eben d'Entwécklung vum Internet an de Kommunikationtechnologien hei zu Lët-zebuerg weider ze fördern. Besonnesch sinn dat jo Secteuren, déi och wichtig si fir de Standuert Lëtzebuerg.

De Rapporteur huet och scho gesot, wat fir eng Zommen do dëst Joer respektiv an den nächste Jore sollen débloquent ginn: 30 Milliounen, duerno nach zweemol 35 Milliounen. Haaptsächlech sinn dat Investisse-menter an Infrastruktuurarbechten. Zum enge sinn dat dann déi Glasfaserleitungen, fir kënne méi grouss Volumë vun Donnéeë méi schnell ze iwwerdroen. Et si Verbesse-runge vu Leitunge respektiv ginn nei Lei-tunge geluecht, wou mer och gesot kruten, datt déi géifen dann och zum groussen Deel laanscht bestehend aner Autobunnen oder soss Kommunikatiounslinne vum öffentle-chen Transport geluecht ginn. An zum ane-ren ass dat awer och, datt do verschidden - wéi een dat nennt - Centres d'hébergement oder Datenzentren realiséiert gi sinn.

Ech mengen, et ass absolut wichtig, datt déi nei technesch Méiglechkeeten an Inter-netapplikatiounen hei verbessert ginn, well souwuel d'Administratiounen, d'Entreprise-n, awer och virun allem d'Privathaushalter ëm-mer méi e grouse Besoin hu fir eng Breet-bandkonnexioun. Wann ee weess, datt haut ganz vill, zum Beispill am ganzen Domän You Tube utiliséiert gëtt; wann ee weess, datt Videokonferenzen, all déi - ech soen emol - Applikatiounen, déi mer alleguerte kennen, regelméisseg gebraucht ginn, da brauch een einfach och déi noutwendeg technologesch Moyenen.

Fir d'DP ass et och ganz onerlässelech, datt de Stat massiv an esou e Beräich mat grouss-em Zukunfts- a Wuesstumspotenzial investéiert, wéi gesot, wann een eben d'Croissance vum Informatiounsaustausch via Internet an deene leschte Jore kuckt, an datt een also och dann heimadder Jalonë setzt fir d'Zukunft.

Ursprénglech - dat ass och scho gesot ginn - sollten dës Aarbechten, dës Investisse-menter eréischt 2010 gemaach ginn. Am Kader vun der Kris a vun dem Konjunktur-pak vu verschiddene Mesurë si se also elo virgezu ginn, a mir kënne dat och nëm-men ënnerstëtzen.

Ier ech den Accord vu menger Fraktioun hei dann och wäert abrénge, wëll ech nach eng kleng Remarque maachen: Oprond vun där klenger Taille vu Lëtzebuerg a vum lët-zebuergesche Marché ass et eiser Mee-nung no och wichtig, datt eng fair Konkur-renzsituatioun geschaf gëtt, fir eben dann och am Endeffekt esou vill wéi méiglech at-traktiv Präisser fir d'Entreprise-n, d'Privat-clienten hei kënne ze garantéieren. Duerfir sollten nieft Luxconnect an EPT, deenen hir Kompetenz an och hir Vivacitéit mer net wël-len a Fro stellen, awer och net aner Privat-opérateuren vu vieren hei vun dësem Busi-ness écartéiert ginn.

Ech soen lech Merci.

**(Interruption)**

» **M. le Président.**- Merci, Här Berger. Den honorabelen Här Schreiner huet d'Wuert.

» **M. Roland Schreiner** (LSAP).- Merci, Här President. Och just fir dem Rap-porteur, dem Kolleeg Lucien Thiel, Merci ze soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Bericht. Hie selwer wéi och mäin direkte Virriedner hunn hei déi wesentlechst Aspekter vun dem Projet de loi scho kom-mentéiert. Ech mengen awer och soen ze kënne am Numm vun eiser Fraktioun, dass mer eis, mengen ech, alleguerte eens sinn, dass dat hei, och wann et e klengt Ge-setz ass, e ganz wichtegt Gesetz ass fir eist Land a fir eis Economie.

Et ass einfach eng Realitéit, dass, wa mer eise Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg wël-len attraktiv halen an nach weider aus-bauen, mer och mussen a sollen interessant bleiwe fir Entreprise-n, déi am Beräich vum Commerce électronique tätég sinn. E Beräich, deen onwahrscheinlech schnell-lieweg ass an onheemlech Zukunftspers-pektive virweise kann.

Fir eist Land ass et duerfir wichtig, och an deem Secteur top ze sinn, top ze bleiwen och an der Zukunft, an dass mer eis esou opstellen, fir eisen Entreprise-n ëmfeld unzebidden, an deem si hir Aktivitéiten an deem Beräich voll kënne entfalen.

Ech wëll net op all déi Investitiounen agoen, déi hei virgesi sinn. De Rapporteur huet déi in extenso gesot. Och dass se zum souge-nannten Antikrisepak, deen d'Regierung déi lescht Méint geschnürt huet, gehéieren. In-vestitiounen, déi sech also konsequent och an déi antizyklisch Politik vun dëser Regie-rungskoalitioun aschreiwen an och natier-lech d'Zoustëmmung vun der LSAP-Frak-tioun fannen.

Et ass gesot ginn, am Dezember 2006 hu mer hei an der Chamber dem Projet Lux-connect gréng Luucht ginn. Deemools huet dëse Gesetzesprojet dem Stat d'Méiglech-keet ginn, am Kader vun enger privatrecht-lecher Firma mat öffentlechem Kapital an engem Domän anzegräifen, wou de Privat-secteur bis elo ontäteg war, nämlech d'Ubanne vu Lëtzebuerg un déi grouss Da-tebunnen an Europa.

Säitdeem ass ganz vill geschitt an dësem schnelliewege Business. Wat d'Connecti-vitéit vu Lëtzebuerg ugeet, also wat den Uschloss un déi grouss international Daten-autobunnen ugeet, gehéiere mir mëttlerweil zum Top vun Europa. Dëst ënner anerem och, well d'Post vill Milliounen Euro och an hir Infrastrukturen investéiert huet. Ech den-ken do zum Beispill un de Projet „TERA-LINK“ an de Projet „Fiber to home“, deen de Glasfaserréseau weider ausbaut.

Et ass gesot ginn: E performanten Uschloss un d'elektronesch Datenautobunn ass e Wirtschaftsfacteur, deen ëmmer méi wich-teg gëtt. Et stäerkt d'Kompetitivitéit an d'At-traktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg. Duer-fir sinn och déi geplangten Investitioune wichtig a richtig, an d'Erfolleger bleiwen, wéi d'Praxis et eis weist, jo och net aus.

Sou zum Beispill huet d'lescht Joer Rakuten Inc., eng grouss Internetfirma aus Japan, Lëtzebuerg als hiren europäeschen „Head-quarter“ ausgewielt. An d'Ukënnegung vum Wirtschaftsminister, dass RealNetworks, en anere grouse Player am e-commerce, op Lëtzebuerg kënnt a vun hei aus seng eu-ropäesch Aktivitéite steiere wäert, schwätzt fir de Standuert Lëtzebuerg. RealNetworks wäert sech am e-Business am Resilience Centre um Wandhaff niddeljoossen. Dat ass och de Verdéngscht, mengen ech, vun ei-ser Post, déi jo Haaptaktionär och vun där Sociéitéit ass.

Niewebäi bemierkt gouf dëse Center och d'lescht Joer vum Brancheverband broad group als beschten Datenzentrumsopera-teur 2008 vun Europa ausgezechent.

D'Gesetz vun 2006 dréit also seng Friichten. Dat ass och gutt esou, well d'Finanz- a Wirt-schaftskris féiert ons kloer virun Aen, wéi ris-kant et ass, säi Wuelstand ze vill op een

ekonomescht Standbeen ze verlagere. Mir mussen an Zukunft eis Investitiounen an anere Beräicher stäerke, mir mussen ons weider wirtschaftlech diversifizéieren, esou, wéi och d'parlamentaresch Krisekommis-sioun an hirem Ofschlossrapport dat festge-halen huet. e-commerce ass sécherlech ee Volet vun eiser Diversifikatiounspolitik; ane-rer mussen nokomme respektiv weider aus-gebaut ginn.

Dëse Projet de loi ass also wichtig, well et an der Logik ass an an der Kontinuitéit vum Gesetz vun 2006, wat d'ëmfeld schaaft, wat mer brauchen als Lëtzebuerg Land, fir kuerzfristeg op deem schnelliewege Mar-ché vun den Informatiouns- a Kommunika-tiontechnologien kompetitiv ze bleiwen. An dat letztendlech am Intérêt vun alle Consommateuren, ëm déi et schlussend-lech geet an déi vun dëser Entwécklung solle profitéieren.

An deem Sënn ginn ech d'Zoustëmmung vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

» **Une voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Schrei-ner. Den Här Braz huet d'Wuert.

» **M. Félix Braz** (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. Ech wëll just och fir de Kol-leeg Claude Adam d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun fir dëse Projet brénge. Ech ginn net méi op dat an, wat schonn alles gesot ginn ass. Dat ass eng Politik vun dëser Regierung, déi déi gréng Fraktioun permanent a konstant ënnerstëtzt. Duerfir si mer och frou, fir dëse Projet haut kënne ze stëmmen.

» **M. le Président.**- Den Här Minister Jean-Louis Schiltz huet d'Wuert.

» **M. Jean-Louis Schiltz**, *Ministre des Communications*.- Här President, Dir Dam-men an Dir Hären, erlaabt mer dräi, véier Remarquen zu den Diskussiounen hei haut ze maachen. Fir d'éischt wollt ech dem Rapporteur an deene verschiddene Virried-ner Merci soe fir déi Duerstellung vum Pro-jet, wat eng adequat Duerstellung vum Pro-jet ass. Ech sinn och frou, ze héieren, datt dee Projet Zoustëmmung op alle Bänke fénnt.

Den Här Schreiner huet zu Recht dorop hi-gewisen, datt och d'Post eng exzellent Aar-becht mécht. Dat, wat d'Post mécht, a wat Luxconnect mécht, ass complémentaire.

Den Här Berger huet zu Recht op d'Initiative vum Privatsecteur au-delà vun der Post a vu Luxconnect higewisen. Och dat ass com-plémentaire par rapport zu Luxconnect. Alles dat mécht, datt mer haut kënne soen, datt déi Infrastrukturen, déi mer hunn, kom-petitiv Infrastrukture sinn.

Den Här Braz huet gesot, datt déi gréng Fraktioun dee Projet hei vun Ufank un ën-nerstëtzt. Ech erënnere mech, datt den Här Braz deemools e puer Froe gestallt huet, mä e war awer mat der Zilsetzung vum Projet deemools d'accord.

Speziell frou sinn ech allerdéngs iwwert d'Ausso vum Här Berger, well nämlech dee-mools den Henri Grethen déi éischte Kéier beim Projet zwar d'Zilsetzung ënnerstëtzt huet, mä, wat de Wee ubelaangt, vun No-denklechkeet, Sproochlosegkeet an net ganz gesunde Weeër geschwat huet. Ech mengen, mir hunn dat dann och, contraire-ment zum Här Braz, haut kloergestallt. An ech si frou, datt mer an engem wichtige Projet fir d'Zukunft vum Land hei an déi nämlecht Richtung zéien.

Här President, eng zousätzlech Remarque nach, wann Der erlaabt. Dee Projet hei ass och wichtig fir de Konsument. Fir eis alle-guerten. Well et nämlech dorëm geet, fir ëmmer nei Méiglechkeeten opzemaachen, nei Méiglechkeeten, déi mer wëllen notzen: d'Televisioun iwwert den Internet, nei Méig-lechkeeten iwwert den Internet. Och dofir brauche mer Breetband. Duerfir steet dee Projet hei net nëmmen am Zeeche vun der Kompetitivitéit, net nëmmen am Zeeche vun der Konjunktur, mä och am Zeeche vum Konsument.

An, Här President - dat ass meng lescht Re-marque -, wann ech vum ëmfeld schwätzen, da baue mer elo Datenzentre weider a mer verleeën Infrastruktuur an de Buedem. Fir awer kënne eng Politik ze maachen am Beräich vun den Telekommunikatiounen, brauche mer och Frequenzen. A well ech weess, datt d'Chamber aktiv déi eu-ropäesch Politik verfollegt, notamment ën-nernt dem Impuls vum President vun der aus-sopolitescher Kommissioun, dem Här Fayot, géif ech menger Missioun net gerecht ginn, wann ech lech net géif doriwier informéie-ren, datt de Moien an engem vun deene wichtigsten Dossiere fir Lëtzebuerg, wat Europa ubelaangt, en Accord konnt fonnt

ginn tëschent dem Europaparlament, të-schent der Kommissioun an dem Conseil.

Gëschter Owend war am Dossier Paquet Télécoms, wat en extrem wichtigen Dossier ass fir Lëtzebuerg, dee leschten Trilog. Dat, wat an deem Trilog décidéiert ginn ass, ass de Moie vum Coreper, dat heescht vun de Vertrieder vun de Ministeren zu Bréissel, guttgeheescht ginn. Sou datt contrairement zu deem, wat een déi lescht Deeg konnt mengen, dee wichtigen Dossier fir Lëtze-buerg nach konnt zu engem gudden Of-schloss bruecht ginn.

Wat d'Prozedur ubelaangt, wëll ech drop hi-weisen, datt nom Trilog gëschter - dat heescht, d'Parlament, d'Kommissioun an de Ministeschrot vertrueden duerch d'tsche-chesch Présidence - de Moien d'Vertrieder vun de Ministeren zu Bréissel den Text gutt-geheescht hunn, datt formaltechnesch et nach an d'Plénière geet d'nächst Woch. Mä vu datt de Problem geléist ass am Trilog, an ausser et géif nach e franco-franséische Problem optauchen, ass dovunner ausze-go-en, datt mat enger iwwerwältgender Ma-joritéit d'Parlament och wäert dat gutthee-schen d'nächst Woch.

Wat heescht dat fir Lëtzebuerg? Wat heescht deen Accord fir Lëtzebuerg? Dat heescht dräi Saache fir Lëtzebuerg.

Dat Éischt ass dat hei: Dee Paquet Télé-coms wäert d'Investissementer an d'Kon-kurrenz stimuléieren. Europa gëtt also méi konkurrenzfäheg am Beräich vun den Tele-kommunikatiounen. Dat huet en Effet op d'Präisser. Dat huet also e positiven Effet fir d'Konsumenten, nieft all deene Punkten, wou de Konsumenten hir Rechter weider gestärkt ginn. Dat ass also och gutt fir Lët-zebuerg.

Zweetens ass et esou, datt mer méi eng no Concertatioun kréien op europäeschem Ni-veau, och iwwer e gemeinsame Verbund vun den europäesche Régulateuren, mä mir kréie kee bürokratescht Organ. Dat war wichtig fir Lëtzebuerg, datt mer net géifen eng zolidd bürokratesch Couche dropleeën, mä datt mer eng llicht Struktur kréichen.

Deen drëtten a leschte Punkt ass wahr-scheinlech - net nëmme wahrscheinlech, mä mat ganz grousser Sécherheet - dee wichtigste fir Lëtzebuerg: Iwwert de Wee vun deem neie Paquet Télécoms konnt sé-chergestallt ginn, datt d'Frequenzen net vereuropeaniséiert ginn. D'Frequenze blei-ven also eng national Kompetenz. Mir be-halen also am Beräich vun de Frequenzen dee Spillraum, deen et eis erlaabt huet an deene leschte Jorzéngten, Politik ze maa-chen am Mediëberäich, am Télécoms-beräich. D'SES konnte mer opbauen, well mer dee Gestaltungsspillraum haten. Mir hunn eis ëmmer dergéint gewiert, datt mer dee Gestaltungsspillraum géife verléieren.

Ech ka soen haut: Mission accomplie. Mir behalen dee Gestaltungsspillraum am Beräich vun de Frequenzen, an zesumme mat Luxconnect an deenen aneren Initia-tiven erlaabt dat eis, och an deenen nächste Jore Lëtzebuerg nach als Mediëstanduert, als Télécomsstanduert ze positionéieren.

Här President, ech mengen, déi Noriicht war et derwäert, datt ech se hei der Chamber di-rekt haut iwwerbruecht hunn.

Ech mengen, datt ech laang net méi doru gegleeft hunn, well ech hunn ëmmer mech virsiichteg ausgedréckt a gesot: Mir gesinn d'Zillinn, mä ech sinn net sécher, ob mer se iwwerschreiden. Haut hu mer se iwwer-schratt. Et ass nach déi eng oder aner For-malitéit ze klären. Dat si kleng Formalitéiten, well ech net wëll dem Parlament do virgräi-fen, mä dee Vote an der Plénière wäert awer e positive Vote sinn. Nom Trilogaccord - Pré-sidence, Kommissioun a Parlament - steet deem Paquet Télécoms näischt méi am Wee, sou datt do och en décke Brocken aus dem Wee geschafft ginn ass an engem Lët-zebuerger an an engem europäesche Sënn.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Mir kommen zur Ofstëmmung.



Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5996 ass mat 56 Jo-Stëmmen, bei kenger Géigestëmm a kenger Nee-Stëmm, ugehall.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5996 est adopté à l'unanimité des 58 votants.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par M. Paul-Henri Meyers), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Clement), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Romain Schneider), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen);

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen zum nächste Punkt vum eisem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi iwwert den Accès vum der Police an der IGP zu perséinlechen Donnéeën. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Roth.

3. 5986 - Projet de loi relative à l'accès des autorités judiciaires, de la Police et de l'Inspection générale de la Police à certains traitements de données à caractère personnel mis en œuvre par des personnes morales de droit public et portant modification:

- du Code d'instruction criminelle, et

- de la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police

Rapport de la Commission juridique

» M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 5986 regelt den Zougang vum de Justizautoritéiten, der Police an der Polzeiinspektioun zu verschiddenen Datebanken, déi vun aneren öffentleche Verwaltungen an Établissements publics gefouert ginn.

Dëse Gesetzesprojet mag vu senger Matière hier an engem eischten Uschäin vum enger méi technescher Natur sinn. Deem ass awer net esou. Am Contraire. Et geet ëm eise Rechtsstat an dobäi méi genee ëm den delikaten Équilibre tëschent enger effikasser Kriminalitéitsbekämpfung engersäits an dem Schutz vun de Grundfräiheeten, de Grundrechter an am Speziellen der Privatsphär vum Bierger op där anerer Säit.

Dass d'Sich no deem richtegen Équilibre do net einfach ass, gëtt doduerch verdäitlecht, dass déi Debatt, déi mer haut féieren, an der Substanz scho viru ronn zéng Méint, den 9. Juli 2008, an dësem Haus stattfonnt huet. Am Kloertext betrëfft de Gesetzesprojet vun haut eng Rei Nobesserungen zu dem Gesetz vum 22. Juli 2008, dat zënterhier den Zougang vun de Justiz- a Polzeiäutoritéiten zu verschiddenen Datebanke regelt.

Här President, d'Kriminalitéit hëlt ëmmer nei Formen un, heiheem an am Ausland. Si ass grenziwwerschreidend. Fir eng effikass Bekämpfung vun der Kriminalitéit, an dat am allgemengen Interessi vun der Sécherheet vum Bierger, brauche Justiz a Polzei ugepasste Moyenen.

Zu de Mëttele vun enger effikasser Verbiechensbekämpfung zielt och en Zougang zu den néidegen Informatiounsquellen. Dësen Zougang zur Informatioun ass am Prinzip legitiméiert, wann e fir d'Verbiechensbekämpfung noutwendeg ass. Hie muss a sengem Ausmooss do ophalen, wou de Schutz vun der Privatsphär Virrang huet.

D'Madame Flesch hat bei der Debatt zum Gesetz vum Juli 2008, wat mir haut nobesseren, ganz trëfeg dem Statsminister seng Ried zur Lag vun der Natioun aus dem Joer 2007 zitëiert, dee sot: „Am Prinzip gëllt: D'Sécherheet vun de Leit geet vir! Am Zweifel gëllt: D'Fräiheet huet Virfahrt, well de Schutz vun der Privatsphär ass eng Statsaufgab.“

Här President, d'Nobesserungen vun dem Gesetz vum 2008 hu sech als néideg erweisen. D'Gesetz vum Juli 2008 gouf deemools eestëmmege vun der Chamber gestëmmt. Et huet ouni Zweifel de Mérite, dass et ee legale Kader gesat huet, fir den Zougang vu Justiz a Polzei op d'Datebanken ze regelen. Déi ganz Schwieeregkeet besteet an dësem Domän doran, an engem generelle Gesetzestext e gesellschaftspoliteschen Équilibre tëschent Kriminalitéitsbekämpfung a Schutz vun der Privatsphär ze garantéieren, deem awer och an der Praxis déi ganz Bandbreit vu Fäll, déi sech op dësem Gebitt kënnen stellen, ëmfaasst.

Et huet sech grad an der Praxis erweisen, dass d'Gesetz vum Juli 2008 nëmme mat onverhältnisméissegem Opwand u persönnellen, finanziellen an technesche Mëttelen ëmgasat ka ginn. D'Ëmännerungen, déi de Gesetzesprojet 5986 virgesäit, stellen d'Zil vun dem Gesetz vum 2008 net a Fro. D'Mëttele fir eng effikass Kriminalitéitsbekämpfung géifen der Praxis méi ugepasst. De Schutz vun de Grundfräiheeten an de Grundrechter vum dem Einzelne soll dobäi awer geséichert bleiven.

Konkret gi folgend Ëmännerungen virgeholl:

De Moment huet um Niveau vun de Justizautoritéite just de Procureur d'État eleng Zougang zu Datebanken, déi vun anere staatleche Verwaltungen an Établissements publics gefouert ginn. Am Speziellen handelt et sech, wéi am Gesetz ageschriwwen, hei ëm: den allgemenge Persouneregister; d'Fichiere vun den Affiliatiounen bei der Sécurité sociale, dat heescht bei wien den Asuré schafft - d'Donnéeën, déi d'Gesondheet betreffen, sinn express ausgeschloss -; d'Fichiere vun den Asylbewerber, den Auslänner an deene Leit, déi e Visa ufroen; d'Fichiere vun den Handelsermächtigungen; deene vun de Führerschäiner grad wéi de Register vun den Autosplacken; d'Fichiere vun der TVA an de Wafferegister.

Den Ëmkrees vun de Persounen, déi Zougang zu dësen Datebanken hunn, gëtt elo erweidert. Nieft dem Procureur d'État soll elo och de Procureur général Zougang zu dëse Fichiere kréien. De Procureur général ass zoustänneg ënner anerem fir de Strofvollzuch. Dee brauch dofir ënner anerem Informatiounen iwwert déi aktuell Adress vun de betraffene Leit.

Och d'Membere vun dem Parquet, also d'Substituten, kréien elo Zougang zu deene Fichieren. Si brauchen dat, fir d'Gerichtsvirledung ze preparéieren, besonnesch fir déi richteg Adress vun der Persoun ze fannen, déi viru Gericht sollt zitëiert ginn.

Schliesslech kréie verschidde Leit vun dem Gerichtspersonal Zougang zu de Fichieren. Et si si, déi an der Praxis mat deenen administrativen Aarbechte betraut sinn. Fir den Zougang zu den Datebanken ze kréien, mussen si dofir awer nominativ vum Procureur général respektiv dem Procureur d'État ermächtegt ginn.

Keen Zougang kritt d'Gerichtspersonal zu de Fichiere vun den TVA-Immatrikulationen.

Här President, deenen an der Öffentlichkeet sécherlech meescht diskutéierte Punkt am Virfeld vun dësem Gesetzesprojet ass dee vun dem Zougang vun de Polzeiäutoritéiten

zu den Datebanke gewiescht. Den aktuellen Text aus dem Juli 2008 gesäit e limitéierten Zougang eleng fir d'Officiers de police judiciaire vir. Dës Restriktioun huet awer an der Praxis zu ville Schwieeregkeete gefouert. D'Police war staark behënnt, fir hiren Aufgaben effikass kënnen nozegoen.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Am September 2008, also beim Akraaftriede vun dem aktuelle Gesetz, sinn d'Consultatiounen vun de Fichieren ëm 37% erofgaangen. Eng Rei vu Recherché konnten net méi gemaach ginn. D'Polizeiäarbecht huet dorënner gelidden. Déi sougenannten Agents de police judiciaire - an der Ofkierzung APJ - hunn op Basis vun der aktueller Gesetzgebung nämlech keen Zougang zu den Datebanke gehat. An der Regel sinn et awer si, déi d'administrativ Aarbechten an d'Iwwerprüfung fir d'Officiers de police judiciaire maachen.

D'Officiers de police judiciaire sollen hirsäits am Interessi vun der allgemenger Sécherheet hir Aarbecht op dem Terrain kënnen maachen. D'Bezeechnung „Officier de police judiciaire“ oder OPJ ass net gläichzesetze mat de Leit aus der Offiziéeschcarrière vun der Police.

Op ronn 1.500 Polizeibeamte ginn et de Moment ronn 580 Agents de police judiciaire. Déi 500 nei Polizeibeamten, déi an den nächste Jore wäerten agestellt ginn, sinn am Ufank vun hirer Carrière Agents de police judiciaire. D'Differenz vun engem OPJ an engem APJ ass duerfir net eng vu Studien, der Formation oder anere Fäegkeeten. Si läit intern an der Police an engem Passageexamen, deen no sechs Joer Déngschtzäit gemaach gëtt an eng Formation ofschléisst, déi op d'Missiounen vun engem Officier de police judiciaire virbereet.

Am Interessi vun enger méi effizienter Verbiechensbekämpfung sollen duerfir d'Agents de police judiciaire elo och Zougang zu den Datebanke kréien. Well d'Kriminalitéitsbekämpfung an deene leschte Joren ëmmer nei Formen ugehall huet, ass eng ganz Rei vun Zivilpersonal bei der Polzei beschäftegt, wéi Ekonomisten, Ingenieuren, Informatiker an anerer méi. Dës Leit kënnen an Zukunft och Accès zu den eenzelnen Datebanke kréien. Si mussen awer dozou namentlech vun dem Minister, dee fir d'Polizei zoustänneg ass, autoriséiert ginn.

Schliesslech kréie mat dem Gesetzesprojet och de Generalinspekter vun der Police, d'Membere vun dem Cadre supérieur, d'Polizeiinspekteren an d'Zivilpersonal aus der iewescher Verwaltungscarrière vun der Polzeiinspektioun Zougang zu den Datebanke.

Här President, de Persounekrees vun der Justiz a Polzei zu den eenzelnen Datebanke gëtt erweidert. D'Mindesthéchstmooss vun op d'mannst zwee Joer Prisong, mat där en Tatbestand muss beluecht sinn, fir eng Consultatioun kënnen ze maachen, gëtt ofgeschaaft. An der Praxis ass doduerch bis elo den Zougrëff op d'Datebanke staark ageschränkt.

Mat Ausnahm vun enger Fahrerflucht war eng effikass Poursuite bei bal allen anere Verkéiersdelikten net méiglech. Datselwecht zielt bei Kläppereien, enger Bedrohung géint Privatbesëtzer, verschidde Formen vun Hehlerei, engem Abandon de famille an enger ganzer Rei vun aneren Infractiounen.

Ee praktescht Beispill ass dat vun engem Brigang, deen op enger Tankstell de Bënsin net bezilt, a wou de Pompist d'Autosnummer notéiert. Eng Consultatioun vun dem Fichier vun den Autosplacken ass mat dem aktuelle Gesetz vum 2008 de Moment weder duerch d'Police nach duerch de Parquet méiglech, well op der Grivellerie d'essence - esou heescht dës Infractioun - eng maximal Prisongsstrof vu manner wéi zwee Joer steet. Fir d'Consultatioun vun den Autosfichier kënnen ze maachen, hätt da missen extra den Untersuchungsriichter gefrot ginn.

D'Aschränkung fir den Zougang vun den Dateien duerch déi aktuell Mindesthéchststrof vun zwee Joer behënnt och déi international Justiz- a Polizeizusammenarbeit. Op Basis vun dem sougenannte Prümer Vertrag, deen no der Eifelstad benannt ass, ass eng grenziwwerschreidend automatesch Consultatioun vun den Autosnummern erlaabt.

Auslännesch Policen hunn esou a verschiddene Fäll eng Asiicht op de Fichiere vun de Lëtzebuurger Autosplacken, während an deemselwechte Fall dat fir Lëtzebuurger Polizisten net méiglech ass. Gradesou cocasse ass, dass eis Polizisten Asiicht op auslännesch Fichieren hunn, wou se op Basis vun dem aktuelle Gesetz an deeneselwechte Fäll Lëtzebuurger Placken net dierfte kucken. Fir enger auslännescher Demande op Rechtshëllef kënnen nozekom-

men, missten dann déi néideg Démarché gemaach ginn, fir dass de Fichier op Basis vun engem Mandat vun dem Untersuchungsriichter zougängelech wier.

Här President, am Interessi vun enger praxisorientierter Verbiechensbekämpfung gëtt, wéi virdru beschriwwen, de Persounekrees vun de Justizautoritéiten an der Polzei, déi Zougrëff op d'Datebanken hunn, vergréissert. D'Mindesthéchststrof fir déi Tatbestänn, wou d'Fichiere kënnen gekuckt ginn, fällt ewech. De Schutz vun der Privatsphär vun dem Bierger bleift awer garantéiert.

De Gesetzesprojet ënnerwerft dofir den Zougang op d'Datebanke verschiddene Konditiounen:

1., d'Consultatioun vun enger Datebank duerch eng Persoun, déi dozou ermächtegt ass, kann nëmme geschéien, wann dës hir perséinlech Identitéitsnummer ugëtt;

2., deen informatesche System vun der Datebank muss garantéieren, dass während enger Period vun dräi Joer nogekuckt ka ginn, wie wéini wéi eng Date gekuckt huet an zu wellechem Zweck;

3., d'Daten, déi gekuckt ginn, mussen en direkte Besuch mat dem Tatbestand hunn, fir deen d'Consultatioun gemaach gouf, a

4., et dierfen am Sënn vun der Verhältnisméissegkeet nëmme déi Donnéeën gekuckt ginn, déi absolut noutwendeg sinn.

Privat Consultatiounen dierf et keng ginn. Den Zougrëff op Donnéeën aus private Grënn ass opgrond vun dem Dateschutzgesetz mat enger Prisongsstrof vu fënnf Joer beluecht.

De Gesetzesprojet ännert um Niveau vun dem prakteschen Zougrëff op Datebanken dat bestehend Gesetz aus dem Joer 2008 deemno op zwou Plazen ëm.

Bis elo huet deejéinegen, deen eng Datebank consultéiert huet, misse seng perséinlech Identitéitsnummer ugin, grad wéi d'Nummer vun dem Dossier. An hei dréckt de Schong an der Praxis. Bei Gerichtsprozedure gëtt et wuel kee Problem, fir eng Nummer vun dem Dossier unzeginn, well déi Dossiersnummer effektiv besteet. Dës ass awer net de Fall all Kiären dann, wann et drëm geet, ee rengen Tatbestand feststellen, zum Beispill eng Autosnummer nozesichen, wann ee falsch geparkt huet.

Hei gëtt dat bestehend Gesetz ëmgeännert, andeems deejéinegen, deen eng Datebank kuckt, nach ëmmer seng Identifikationsnummer muss ugin, awer net méi d'Nummer vun dem Dossier. Fir dem Dateschutz awer gerecht ze ginn - an dat ass nei -, muss den Datesystem während dräi Joer stockéieren, wie wat fir eng Donnéeën gekuckt huet, fir dass d'Ursach, also d'Motiv vun der Consultatioun kann noprëifbar bleiven. De Kontrollmechanismus geschitt also net méi virun der Consultatioun, mä duerno a ka während dräi Joer novollzu ginn.

De Gesetzesprojet gesäit an deemselwechte Sënn ausdrécklech vir, dass déi national Dateschutzkommissioun den Zougang vun der Police zu den Datebanke kontrolléiert. Si muss heiriwwer all Joers e spezielle Bericht un den zoustännegen Minister maachen, deen dann eng Kopie och un d'Chamber weiderleet.

Här President, de Statsrot huet a sengem Avis déi praktesch Noutwendegkeet vun enger Upassung vun dem Gesetz vum 22. Juli 2008 novollzunn. Hien hätt kee Problem mat der Erweiderung vun dem Persounekrees, deen Zougang op d'Datebanke kritt. De Statsrot huet an deem Kontext awer d'Noutwendegkeet a Fro gestallt, fir verschiddene Leit vun Zivilpersonal vun der Police an der Inspection générale de la Police dësen Accès ze ginn.

Mat dem Ewechfale vun der Mindesthéchststrof vun zwee Joer vun den Tatbestänn, fir déi d'Datebanke kënnen consultéiert ginn, hätt de Statsrot och kee Problem, well an der Contrepartie de Schutz vun der Privatsphär duerch e strikte Kontrollmechanismus vun dem Datenzugang garantéiert wier.

Här President, déi lëtzebuergesch Mënschrechtskommissioun grad wéi déi national Dateschutzkommissioun hunn och en Avis zu dësem Gesetzesprojet gemaach. Dësen Avis ass méi oder manner kritesch ausgefall. Béid Avisë begrëissen, dass dës delikat Matière duerch e Gesetz geregelt gëtt. Béid Avisen hu sech mat der Fro vun engem effikasse Contrôle vun de Consultatiounen auserneeegesat. Si hunn drop insistéiert, dass am Aklang mam Artikel 8 vun der Mënschrechtskonventioun d'Date gekuckt kënnen ginn, wann dat opgrond vun der Verbiechensbekämpfung strikt noutwendeg ass.